N°2529
Entrée le 15.09.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°2529 vum 26. Juni 2025 vum éierewäerten Députéierten Här Alex Donnersbach iwwert de "Service de bilan écologique simplifié et gratuit"**

**Kann de Minister erklären, wéi genau d'Prozedur ausgesäit, fir Zougang zu dësem vereinfachten a gratis Service vun der ANF ze kréien?**

Fir Zougang zum gratis Service fir d'Erstellen vun Ekobilanzen ze kréien, kann sech all ëffentlechen oder private Bauhär informell un de Service Compensation vun der Naturverwaltung wenden – entweder per Mail iwwer ecopoints@anf.etat.lu oder per Telefon. Zur Erstellung vun enger Ekobilanz brauchen d'Agente vum Service follgend Informatiounen:


- Nummer vun der concernéierter Katasterparzell,
- Beschreiwung vum Bauprojet (fir festzestelle wat fir Vegetatioun a Biotope vum Bauprojet impaktéiert ginn),
- Lëscht un *"in situ"* Kompensatioune, déi am Projet ëmgesat ginn.

D'Naturverwaltung analyséiert op dëser Basis de Projet a kann eng Ekobilanz erstellen, wann d'Envergure vum Projet kléng ass. D'Agente vun der Naturverwaltung maachen dann op dem Terrain eng Bestandsopnam vun de Biotopen, déi op der Plaz existéieren iert de Bauprojet uleeft, an erstellen d'Ekobilanz unhand vun der standardiséierter Applikatioun EcoPoints.

De Bauhär muss da just nach déi Ekopunkten, déi nach ausstinn, iwwert eng sougenannten Taxe de Remboursement abezuelen.


**Wéi vill Projeten hu konkret an de leschte fënnef Joer vun dësem Service profitéiert?**

Tëschent 2020 a 2024 goufen am Ganze 485 Ekobilanze bei der Naturverwaltung ugefrot.



**Kann de Minister déi Zuelen no Projetstypen oder Gréisstekategorië verdeelen?**

Vun alle realiséierten Ekobilanzen tëschent 2020 an 2024, waren déi gréisst Demandeuren d'Gemenge mat 44 %, dono Privatleit a privat Bauhären, déi 43% vun allen Demanden ausmaachen. 8% vun den Demandë goufe vum Staat gestallt, a 5% vu Gemengesyndikater.




**Sinn dem Minister konkret Beispiller bekannt, wou Porteure vu klenge Projeten, trotz der Existenz vun dësem Service, awer misste privat Studie bezuelen? Wa jo, wéi kann sech de Minister dat erklären?**

Wann de Service Compensation kontaktéiert gëtt fir eng Ekobilanz ze erstellen, préift dësen op d'Envergure vum Projet kléng ass an och op seelen, geschützten Déieren oder Planzenaarte vum Bauprojet betraff sinn. D'Naturschutzgesetz vun 2018 gesäit zwee Ausgläichsmechanisme vir. Wa geschützte Biotoper zerstéiert ginn, da gräift de klassesche Prinzip vun der Kompensatioun. Wann awer essenziell wichteg Liewensraim vu seelene, geschützten Déieren- oder Planzenaarten zerstéiert ginn, musse virgezunnen Ausgläichsmoossnahmen, och CEF-Moosnahmen genannt, ëmgesat ginn. Am Géigendeel vun de klassesche Kompensatiounsmoosnahme mussen d'CEF-Moossnahmen an nächster Géigend zum Agrëff vum Bauhär selwer emgesat ginn.

Och wann dëss CEF-Moossnahmen kënnen an d'Ekobilanz mat afléissen, ass ee spezialiséierte Bureau vum Bauhär ze kontaktéiere fir méi cibléiert Etuden ze maache respektiv gëeegent CEF-Moossnahmen ze proposéieren.

**Ass geplangt, d'Informatiounen iwwert dëse Service méi breet a méi verständlech ze kommunizéieren, besonnesch a Richtung kleng a mëttelgrouss Entreprisen oder Privatleit?**

D'Naturverwaltung informéiert reegelméisseg iwwert dëse Service, dëst am Kader vu Formatiounen an Echangë mat Gemengen, wéi och Bureau d'Etuden. Och am alldeegleche Kontakt mat Privatleit an Entreprisë gëtt d'Informatioun iwwer de Service verbreet. Op der Internet-Säit www.compensation.lu kann een d'Informatioun och fannen.

Gëtt am Kader vun enger Autorisatiounsprozedur festgestallt, datt ee Biotop betraff ass an eng Ekobilanz muss gemaach ginn, gëtt och unhand vun engem schrëftleche Courrier op dës Méiglechkeet opmierksam gemaach falls déi uewe genannte Krittären erfëllt sinn.

Doriwwer eraus gesäit de Projet de loi n°8449 deen d'Naturschutzgesetz ëmännert fir datt d'Naturverwaltung fir Projeten déi eng Surface vu manner ewéi 10 Ar hunn d'Ekobilanz mécht an datt de Staat d'Fraisen dovunner iwwerhëlt.

Dëst wäert zu engem méi breeden Notze vum Service deen d'Naturverwaltung ubidd féieren.

**Ass de Minister bereet, d'Accessibilitéit an d'Konditioune vun dësem Service nozekucken an eventuell unzepassen, sou wéi d'Chambre de Commerce et recommandéiert huet?**

All Bierger kann op dëse gratis Service zougräifen, wann de Projet eng kleng Envergure huet. Dëse Service ass also fir jiddereen accessibel. Op Gronn dovunner an och op Gronn vun de geplangten Adaptatioune vum Projet de loi n°8449 ass net virgesinn en simplifiéierte Formulaire – esou ewéi vun der Chambre de Commerce gefuerdert - an ze féieren. Wéi hei driwwer ugedeit, wäerten déi geplangten Adaptatioune vum Projet de loi n°8449 déi néideg Klärung bréngen.

Lëtzebuerg, den 15. September 2025
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit